adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2835

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:10, 16/09/2020

Lëtzebuerg, den 10. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den aktuellen Diskussioune ronderëm d'Ierfschaftssteier zu Lëtzebuerg, hätt ech gären eng Informatioun iwwert d'Zesummesetzung vum Gesamt-Montant vun där Steier.

1. Am Joer 2017 zum Beispill si ronn 120 Milliounen Euro iwwert d'Ierfschaftssteier ageholl ginn. Wéi vill dovu koume vu Leit, déi direkt Famill waren (Iwwerliewend Ehepartner, Elteren, Kanner), wéi vill vu Leit, déi méi wäitleefeg Famill waren (et ierft ee jo bis an de 6. Grad) a wéi vill vu Leit oder Organisatiounen, déi guer net Famill waren?
2. Musse wueltäteg Organisatiounen, déi ierwen, dorop Steiere bezuelen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 08:29, 14/10/2020

Référence : 834x6d1ca

Luxembourg, le 13 octobre 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 2835 du 10 septembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant les droits de succession

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

144-00003-2004525-FR

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Ufro N°2835 vum 10. September 2020 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding iwwert d'Ierfschaftssteier**

A senger parlamentarescher Ufro iwwert d'Ierfschaftssteier, wëll den honorabelen Deputéierten Roy Reding méi Informatiounen kréien iwwert d'Zesummesetzung vum Gesamtmontant vun der Ierfschaftssteier iwwert een Joer.

Déi aktuellsten Chifferen vum Joer 2019 ginn en Total vu ronn 116 Milliounen Euro hir, déi wéi Folgend opgedeelt sinn:

- Leit, déi direkt Famill waren (iwwerliewend Ehepartner, Elteren, Kanner) : 3,6 %
- Leit, déi méi wäitleefeg Famill waren: 49,8 %
- Leit oder Organisatiounen, déi net Famill waren: 46,6 %

Dësweideren freet den honorabelen Deputéierten, ob wueltäteg Organisatiounen, déi ierwen, dorop Steiere musse bezuelen. Laut dem Artikel 23 vun der *loi modifiée du 7 août 1920 portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc.* mussen dës Organisatioune 4% Ierfschaftssteier bezuelen :

*« Les droits de succession et de mutation sur les legs ... en faveur des communes, des établissements publics, des hospices, des offices sociaux, des associations sans but lucratif, des fondations et des personnes morales constituées dans le cadre de l'un des cultes reconnus aux termes d'une convention conclue avec le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg sont fixés à 4 %. [...]*
*Toutefois sont exempts de tous droits les legs ... ayant pour objet les fondations de bourses d'études aux universités et aux établissements publics d'enseignement. »*

Duerch spezifesch autonom Dispositiounen am Gesetz, kënnen allerdéngs verschidden wueltäteg Organisatioune vun der Ierfschaftssteier fräigestallt sinn.